Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# TKS Sitzung vum 23. Abrëll 2024

## Café beim Kueb zu Steebrécken

| | | | |
|---|---|---|---|
| Louis Baruzzini exc. | Steve Degano exc. | Claude Ernst | Jean-Marc Hoffmann |
| Christiane Huberty | Uwe Jakoby | Gilles Mores exc. | Alain Blasen |
| Steve Blasen | Chris Fuchs exc. | Patrick Molitor | Mandy Parracho |

1. **WM-Herne**

De Jean-Marc huet, nodeems de Steve him matgedeelt huet, dass de Chris Fuchs, de Fränk Marnach an de Gilles Mores den 80-Klatzen-Eenzel spille sollen, dem Patrick matgedeelt, dass Lëtzebuerg am 120-Klatzen-Eenzel mat Beschtbesetzung misst untrieden. Normalerweis ass d'Opstellung d'Responsabilitéit vun de Coachen. An dësem Fall geet et awer ëm eis ganz Kampagne géint den 80-Klatzen-Eenzel am Punkten- a Gruppesystem a fir den 120-Klatzen-Eenzel. Falls mär bei den 120 Klatzen net a Beschtbesetzung do untrieden, sti mär net als glawwierdeg do an et géif ausgesinn, wéi wann di Aktiv de Vertrieder vun der FLQ an deRéck géife falen.
*Direkt no der Sitzung hunn d'Coachen entscheed, dass d'Kim Poorters bei den Dammen an de Fränk Marnach, de Gilles Neiertz an de Pascal Lauer bei den Hären am 80-Klatzen-Eenzel untrieden. Am 120-Klatzen-Eenzel trieden d'Martine Keller an d'Mandy Parracho bei den Damme nun. Bei den Hären spillen de Chris Fuchs an de Gilles Mores.*

Wat d'Uniformen ubelangt, muss mam Berto gekuckt ginn, fir eventuell nach wieder Uniformen vun Hummel ze kréien, wéinst Freiburg, Herne an Wolfsburg.
*De Berto sot eise Kontrakt mat Hummel wier ofgelaf. Zu Freiburg gëtt mat den alen Uniformen gespillt.*

D' Opstellung vun de Jetoën gëtt vun Huby a Jean-Marc gemach.

Mandy, Mil, Molli a Kerstin an engem Auto
Martine mat Kanner a Chris an engem Auto
Gilles N. kënnt mat sengem Auto, well hién éischter zréck wéinst der Hochzäit vu sengem Brudder.
Jean-Marc mam Colette an Denise a Jemp an engem Auto.
COSL-Bus Uwe, Huby, Laui, Fränk, Gilles M. a Kim. Dofir de méi grousse Bus froen, vu dass mär nëmmen 1 Bus brauchen.

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
WILWERT
depuis 1952

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

D'Huby freet beim ACL no op eng Vignette gebrauch gëtt.

Diskussioun iwwer den Attest : d'Marcelline hätt dem Huby gesot, dass fir d'WM den Attest nëmmen 1 Joer gudd wier.
*Artikel 14 vun den Durchführungsbestimmungen: Alle Spielerinnen und Spoieler müssen für ihre Nation spielberechtigt und sportärztlich untersucht sein. Die sportärztliche Untersuchung ist nachzuweisen und darf am Tage des Wettbewerbes nicht älter als* ***2 Jahre*** *sein.*

Màr mussen nach klären, welch Lizenzen schons um Büro sinn.

### 2. World-Cup

Mär mussen, do der NBS-Konferenz (13. Mee zu Herne) mat de Veräiner eng Infoversammlung ofhalen.

### 3. Internationale Seniorevergläich

E puer Umeldungen si schons eran. Mär mussen en Organisatiounskommitee op d'Been stellen. Vun der TKS ass de Claude an de Jean-Marc emol derbäi. Et gëtt gekuckt fir an den nexte Wochen Leit ze fannen.

### 4. Kalënner 2024-2025

Mär mussen fir di next Saison eis eng mat de Statistiken afale loossen. Fir dës Saison huet dat net geklappt, well se ni aktuell woaren.

### 5. Eenzel- an Tandemmeeschterschaften 2023-2024

Alles leeft normal.

### 6. LN-Cup

Alles leeft normal.

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE

hummel
www.lupa69.com

WILWERT
depuis 1952

Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

## 7. Verschiddenes

### a. International Mätcher

Triangulaire den 12. Oktober wahrscheinlech zu Ipplingen.
D'Saarland gouf fir den 19. Oktober agelueden. Do feelt awer nach eng Konfirmatioun. *D'Konfirmatioun ass ukomm.*

### b. NBS-Konferenz den 13. Mee um 15:00 zu Herne

Wién geet als 2. mat an d'Konferenz? Vu dass Lëtzebuerg während der Konferenz Training huet, kënnt eigentlech nëmmen d'Huby a Fro.

### c. Tandemturnéier zu Langenfeld

D'Nimm vun de Spiller muss bis den 30. Abrëll eragescheckt ginn, d.h., dass de Jean-Marc d'Nimm bis spéitstens den 28. Abrëll brauch.

### d. Louis Baruzzini

De Louis huet sech fir d'Versammlung vun haut a « fir ëmmer » entschëllegt. De Jean-Marc huet mam Louis telefonéiert. De Louis seet, dass et fir hié ze ustrengend wier.

No Ofsproch mam CA gëtt en Abschied fir de Louis organiséiert a hién wäert e Kado iwwerreescht kréien. Am beschten organiséiere mär dat no enger Final (Tandem, Eenzel oder LN-Cup). De Louis woar iwwer 40 Joer fir d'FLQ am Asaz.

**Next Sitzung ass no de Weltmeeschterschaften**

**Mat beschte Gréiss**

**Jean-Marc**

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
WILWERT
depuis 1952